

■ M. le Président.- Merci, Här Henckes. Dann huet d'Regierung d'Wuert. De Justizminister, den Här Frieden, huet d'Wuert.

■ M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, Léif Kolleegeen, ech hunn déi Debatt hei nogelauschtert. Hei si keng nei Argumenter par rapport zu deene vum Mee vun dësem Joer komm, an dofir rapportéieren ech mech und dat wat ech am Mee an der Chamber zu dësem Projet gesot hunn.

Merci.

■ M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kommen elo zum zweete Vote constitutionnel iwwert de Projet de loi 5165. Den Text ass un all Deputéierte verdeelt ginn.

Second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si ent-hale sech.

De Projet de loi 5165 ass ugehall mat 51 Jo-Stëmmen an 8 Absten-tiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Ly-dia Mutsch (par M. Romain Schnei-der), MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bo-dry);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: Mme Lydie Err;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Vi-viane Loschetter.

D'Madame Anne Brasseur huet d'Wuert.

■ Mme Anne Brasseur (DP).- Här President, et wor och dës Kéier e Problem bei der Ofstëmmung a mir géingen dat gare vérifiéieren, fir eventuell ze redresséieren.

■ M. le Président.- Mir wäerten dat kontrolléieren a mir wäerten d'Techniker emol op ons Maschinn setzen, fir ze kucke wat dann d'Schwieregkeete sinn.

Léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5236 iwwert d'Affektatioun vum Re-sultat vun de Konten aus dem Joer 2002. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Hä-re Goerens, Fayot, Bausch a Gibé-ryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

4. 5236 - Projet de loi relative à l'affectation du résultat du compte général de l'exercice 2002

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert de Projet 5236 schléit d'Regierung der Chamber d'Verdeelung vun de Plus-valuë vum Exercice 2002 vir. Déi Plus-valuë belafe sech op 59,2 Milliounen Euro. Ech wëll kuerz drun erënneren, datt mer am Joer 2000, wou den Här Bausch gläich duerno wäert de Rapport vun de Konte maachen, nach 28,1 Milliar-de Plus-valuen haten - 28,1 Milliar-de Lëtzebuerger Frang -, wat emmerhin awer 700 Milliounen Euro ausgemaach huet.

(Interruption)

Da musse mer kucke wou mer eis eens gi mat dene Milliarden.

Den Exercice 2002 charakteriséiert sech duerch zwee Phenomeener: Éischstens ass et den zweeten Exercice, wou mer hei zu Lëtze-buerg an a ganz Europa eng relativ schwach Croissance économique ze verzechnen haten no deenen décke Croissancen, déi mer an de Joren '98, '99 a besonnesch am Joer 2000 haten, wou mer e wirt-schaftleche Wuesstem vun 9% ze verzechnen haten.

Déi 1,1% vum Joer 2002 leien also wäit ënnert deem wat mer an deene Jore virdrun hei konnte virbrén-gen. Dat war besonnesch bedéngt duerch den Abroch, dee mer an der neier Ekonomie ze verzechnen haten, mat alle Konsequenzen, déi dat op d'Bourse an natierlech dann och op d'Finanzplaz Lëtze-buerg hat, wat sech besonnesch erëm bei eis op den Taxes d'abon-nement zrëckgeschloen huet; d'Taxes d'abonnement, déi op de Wäert vun den Avoirë vun den In-vestmentfonge berechent ginn. Déi Tax hat am Joer 2002 en Abroch oder e Minus vun 106 Milliounen Euro ze verzechnen par rapport zu deem wat am Budget virgesi war.

Zweete Phenomeen, deen dësen Exercice charakteriséiert, ass, datt et dat éischt Joer ass, datt déi zwou Steuerreformen, fir d'éischt d'Steierreform 2000 wat de Barème ubelaangt, a besonnesch déi grouss Steuerreform vun 2001, déi am Joer 2002 a Kraaft getrueden ass, sech eng Kéier voll net op d'gesamt Steierrecetten, awer be-sonnesch op d'Steiere vun de Léin a Gehälter niddergeschloen huet, an dofir hu mer jo och an deem Joer, et war ausgerechent ginn, datt mer e Minus an där Steier vu 14 Milliarden hätten, a Wierklech-keet hu mer awer nëmmen am Budget e Minus vu 27 Milliounen Euro ze verzechnen, wat am Fong de Bewäis erbréngt, datt déi Steuerreform awer eng grouss In-fluenz op eis Wirtschaft hat, datt nei Aarbechtsplazen kreéiert gi sinn an datt am Fong geholl deen Abroch an der Loun- a Gehälter-steier net esou haart war, wéi dat virgesi war.

Wat déi aner Steieren ubelaangt, do muss een awer feststellen, datt nach ëmmer an der Kierper-schaftssteuer mer 113 Milliounen Euro méi erakritt hu wéi dat am Budget virgesi wor, well d'Steier-reform sech eben eréischt méi spéit op d'Kierperschaftssteuer mat en-gem Retard vun zwee bis dräi Joer nidderschloe wäert.

De Budget 2002 hat en Defizit vun 21,9 Milliounen Euro virgesinn. Fi-nalement konnte mer feststellen, datt d'Konte mat engem Boni vun 59,2 Milliounen Euro ofschléissen. Dëse Boni ass besonnesch be-déngt doduerch, datt mer an de Recetten e Surplus haten, dee méi grouss ass wéi dat wat mer op der Dépensésäit méi erausginn hunn.

An de Recettes ordinaires hu mer e Plus vun 214,2 Milliounen ze ver-zechnen. Ech hu scho gesot, datt

mer 113 Milliounen weider an de Kierperschaftssteieren erakritt hunn, datt mer awer och beson-nesch 120 Milliounen Euro weider an der Verméigenssteuer an 81 Mil-liounen Euro weider bei der Emver-deelung vun de gemeinsame Re-cetten, déi mer an der Union éco-nomique belgo-luxembourgeoise encaisséieren, erakritt hunn.

Op där anerer Säit hate mer awer och 141 Milliounen weider Dépén-sen. Dës Méiausgabe sinn awer net an de Fonctionnement vum Stat getätegt ginn, mä mer fanne se be-sonnesch an den Acquisitiounen vu Gebaier oder an de Versementer, déi an d'Fonge gefloss sinn, erëm.

De Budgetsminister schléit also vir, fir déi Plus-valuë vun 59 Milliounen folgendermoossen ze verdeelen:

20 Milliounen an de Fonds pour l'Emploi, fir der Regierung am Fong geholl méi eng Marge de ma-noeuvre ze ginn, fir a schwierregen Zäiten, wou de Chômage wüsst, déi Leit weider kënnen ze indem-niséieren, déi keng Schaff méi hunn.

Doniewent si 17 Milliounen virgesi fir de Fonds de Financement des in-frastructures sociofamiliales; also Infrastrukturen, déi am Interesse vum drëtten Alter réaliséiert ginn, wou mer de Mëtteg jo zwee Pro-jeten hei virleien haten, fir déi och weider kënnen ze finanzéieren.

10 Milliounen si fir de Fonds de Co-opération virgesinn.

9 Milliounen fir de Fonds du Rail an 3 Milliounen fir d'Restauration vun histo-resche Monumenter.

De Conseil d'État huet am Fong geholl keng wesentlech Remarque zu dësem Projet ze maachen. Hien ernimmt besonnesch, datt am Fong geholl d'Recettë vum Budget sech ëmmer méi der Wierklechkeet upassen, an d'Kommissioun huet dat selbstverständlech och be-gréisst.

D'Commission des Finances et du Budget huet de Rapport, deen nach vum Här Wiseler gemaach ginn ass, ier en an d'Regierung komm ass, mehrheetlech ugehall a si proposéiert der Chamber dëse Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit, an ech géing och domat den Accord vun eiser Fraktioun brén-gen.

Ech soen Iech Merci.

■ M. le Président.- Ech soen dem Här Hauptert Merci fir seng Ausféierungen. Den éischten age-schriwwene Riedner ass den Här Charel Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ M. Charles Goerens (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt villes ze soen iwwert den Exercice 2002. Ech schécken direkt viraus, datt meng Fraktioun dee Projet hei wäert stëmmen. Mir sinn och direkt mat responsabel fir d'Exekutioun vun deem Budget.

Wéi gesot, et gëtt villes ze soen iw-wert deen Exercice. Et ass dee wou d'Steierreform ugefaangen huet ze gräifen. Et ass och deen dee charakteriséiert ass duerch e ganz dramatesche Réckgank an der Croissance économique. Emsou méi erstaunlech ass et, datt awer nach à la fin du compte e Sol-de positif komm ass, iwwert deem seng Affektatioun mir och keng Problemer haten, soss hätte mer eisen Accord deemools net ginn an der Regierung, a mer och kee Pro-blem hunn après coup fir deen ze approuvéieren.

Dat meescht huet de Rapporteur gesot. Et kéint een och laang iw-wert d'Steierreform épiloguéieren oder iwwert déi Kassandrarriff, déi deem Budget an deem Exercice do virausgaang sinn, mä mir wëlle jo wahrscheinlech hei keng virge-zunne Budgetsdebatt maachen,

dofir kréie mer an engem Mount Zäit. Dofir nach eng Kéier den Ac-cord vu menger Fraktioun a Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ M. le Président.- Merci, Här Goerens. Deen nächste Riedner ass den honorablen Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Merci, Här President.

No deene prägnanten Ausféierun-ge vun eisem Rapporteur an dee-ne präzisen Explikatiounen wëll ech just eng Remarque maachen. Mir stëmme jo eigentlech hei net e Rapport, mir stëmmen e Gesetz. Mir stëmmen also en Text vun en-gem Gesetz an an deem Gesetz ginn 59 Milliounen affektéiert un déi verschidde Fongen. Am Rapport gëtt gesot, dass déi Ausféierung vum Budget vun 2002, dee jo mat engem Iwwerschoss entgéint der Viraussicht ofgeschloss huet, té-moignéiere géif «de la rigueur de l'exécution budgétaire». Dir er-laabt, dass mer déi Rigueur net ge-sinn an där Ausféierung vum Bud-get vun 2002.

Et gëtt dann och gesot, dass déi Affektatioun vun de Plus-valuen un déi verschidde Fonge géif ge-schéien no de Priorités d'action vun der Majorité politique. Ech constatéiere just, dass déi Suen op folgend Manéier affektéiert ginn:

- 20 Milliounen an de Fonds de l'Emploi, dat ass natierlech eng weis Mesure wann ee gesäit, dass en Abroch an der Economie vun 9 op 1,1% ass an dass een also Chô-mage virauszegesinn huet; et ass also net eng Priorité politique vun der deemoleger Majoritéit, mä et ass einfach e Fait, deem een ze begéinen huet;

- 10 Milliounen an de Fonds de la Coopération du Développement, dat ass eng laangjäreg mëttelfrist-geg Aktioun vun alle Regierungen, déi eben drop aus ware fir en héije Prozentsaz bis 0,8 respektiv 1% an d'Kooperatioun ze stiechen;

- 17 Milliounen an de Fonds fir In-frastructures sociofamiliales, also fir den Drëtten Alter; dat sinn déi Suen, déi gebraucht gi si fir dat, wat mer de Mëtteg alleguerten hei matgestëmmt hunn a wou mer wëssen, dass et och noutwendeg ass.

Also, ech mengen, eng Majoritéit kann dat am Rapport kommentéie-ren, wéi se e Budget ausgefouert huet, mä Dir erlaabt, dass mer ons deene Commentairen net uschléis-sen. Mir schléissen ons awer dem Projet de loi un, well mer och d'ac-cord sinn, dass een déi Suen esou an d'Fonge gestach huet an dass dat sech aus där Situatioun erginn huet.

Dofir wäerte mir dëse Projet stëm-men, wéi gesot de Projet, mä net de Rapport. Merci.

■ M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

■ M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech sinn e bëssen erstaunt doriwwer, dass mäi Virriedner, deen zu Recht hei drop higewisen huet, dass hei e gudden Deel vu Sue vun deene Plus-valuen affektéiert ginn en fonction vun de Priorités vun der Majorité politique tëschent 1999 an 2004, keng Problemer huet, fir dofir de Projet ze stëmmen. Mir hunn nämlech déi Problemer, well mer natierlech hei mat enger ganzer Rei Prioritéite vun der Majorité poli-tique tëschent 1999 an 2004 net averstane waren, do hu mer hei och dogéint gestëmmt an dëser Chamber.

An aus deem Grond eraus, Här President, ass et och fir eis evident, dass mir dëst Gesetz net wäerte stëmmen, well soss géinge mer eis jo au contraire setzen zu där Logik, déi mer eis ginn hate bei all deene Projeten, déi iwwert déi Suen hei wäerten an deenen nächste Jore fi-

nanzéiert ginn. Och wann et der sinn, déi déi nächst Joren eréischt réaliséiert ginn, si se décidéiert ginn an der leschter Legislaturpe-riod - deelweis sinn der zwar och derbäi, déi scho virdrun décidéiert gi sinn.

Et ass fir eis op alle Fall kloer, vu dass mir all déi Projeten do net matgedroen hunn, dass mer och déi Affektatioun an deem Sënn net wäerte stëmmen.

■ M. le Président.- Merci, Här Bausch. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet haut iwwert d'Verdeele vun de Plus-valuen iw-wert de Kont vun 2002 ass am Fong deen éischten, dee mer hunn no deem ekonomeschen Abroch an nodeem dass d'Steierreform, déi mer 2000/2001 gemaach hunn, voll gegraff huet, an déi zwou Saa-chen zesummen hunn natierlech och en Afloss op d'Resultat vun deem Exercice.

Mir kënnen haut hei Plus-valuen an der Héicht vun 59 Milliounen Euro verdeelen a wann een déi Jore vir-dru kuckt, 1999 hu mer 433 Milliou-nen Euro verdeelt, 2000 672 Mil-liounen, wat ëmmerhin 28 Milliar-den aler Frang waren, an 2001 nach 152,4 Milliounen Euro, da muss een haut soen, dass dee-mools d'Opposition ëmmer bei de Konten der Majoritéit de Reproche gemaach huet, dass se de Budget, d'Recetten- an d'Dépensésäit, falsch ageschat huet, well de Bud-get jo ni déi Plus-valuen ausgewi-sen huet an herno bei de Konte ware se do.

Haut si mer an der Situatioun, dass mer déi Plus-valuen net méi hunn, an et wäert och an deenen nächste Jore méi schwéier ginn, fir op eise Budgete Plus-valuen ze kréien, well eis Budgeten ëmmer méi no bei d'Realitéit kommen, a mer wäerten dat méi am Detail an e puer Wochen hei am Kader vun de Budgetsdebatten diskutéieren.

Wat mer ebe méi no bei d'Realitéit kommen, well engersäits Retarden opgeschafft sinn déi ausstoungen an op där anerer Säit d'Steierver-waltung méi séier ofrechent an och d'Avancen, déi d'Betribler musse bezuelen, gehéicht gi sinn, wéi eis dëser Deeg an der Finanzkommis-sioun matgedeelt ginn ass. Sou dass een also kann an Zukunft do-vun ausgoen, dass de Budget méi no bei der Realität ass an dass mer eis domat mussen offannen, dass mer keng Plus-valuen oder minimal Plus-valuë wäerten erree-chen, wa mer et iwwerhaupt fäer-deg bréngen de Budget och an deenen nächste Joren an den Equilibre ze bréngen.

D'Fonge wäerten an deenen nächsten zwee bis dräi Joer, wann den Investitiounsprogramm sou géif réaliséiert gi wéi e geplangt ass, relativ op de Schlusspunkt kommen, op Null erofgoen, quitte dass mer do dernieft nach mussen Emprunten ophuelen.

Iwwer eng Verdeelung vu Plus-valuë kann een ëmmer diskutéieren, an esou war et och an de vergaangene Joren, dass déi eng oder déi aner Fraktiounen, virun allem ob se an der Majoritéit oder an der Oppo-sitioun waren, dat aus enger anerer Optik gekuckt hunn, wéi déi Plus-valuë géife verdeelt ginn.

Mir hunn zum Beispill gesot - an ech mengen déi Gréng Kolleegeen hunn dat och ëmmer gemaach -, dass net genuch Suen an de Fonds du Rail géife goen, an haut wësse mer jo och mat deenen enorme Chifferen, déi mer an de Projeten, déi nach kuerz virum den Schluss vun der leschter Legisla-turperiod hei gestëmmt si ginn, wou mer, mengen ech, fir insge-samt a Frangen ausgerechent 50 Milliarde Projete fir Infrastrukturen an déi Richtung gestëmmt hunn, dass mer déi net an de Fongen hunn, nëmmen zu engem klengen

Deel, an dass mer iwwer aner Finanzéierungsméiglechkeeten an deenen nächste Joren déi Investitiounen wäerte misse finanzéieren.

Mir hunn och zum Beispill ëmmer dovun geschwat, dass ee kéint vun engem Fong iwwer Rente schwätzen, mer wëssen awer, dass d'Rentekeesen aus dem Privatsektor esou héich Reserven hunn, dass souguer aner Leit Gloscht a Loscht drop kréie periodesch un déi Reserven ze goen. Wann de Stat net méi genuch Suen huet, kéint een zum Beispill soen, et kéint een och e Fong maache fir de Forfait d'éducation ze finanzéieren.

En anere Fong, deen een hätt scho vläicht kéinten éischer maachen, wou et awer elo ze spéit ass fir en ze maachen, dat ass e Fong iwwert d'Nofolgekäschte vun enger ganzer Rei vu grouse Projeten, déi mer an deene leschte Jore gestëmmt hunn, realiséiert hunn oder amgaange sinn ze realiséieren an déi am Laf vun dësem oder vum nächste Joer ufänken; ech denken do un d'Philharmonie, un d'Coque-Hal, de Pei-Musée oder d'Rockhal, wou mer sécherlech wäerte grouss Nofolgekäschte kréien a wou mer och wäerte Problemer kréien, fir déi iwwer eise Budget kënnen ze finanzéieren. Mä et huet kee Wäert, dass een iwwer esou Fonge schwätzt, well einfach och elo déi Suen net do si fir esou Fongen ze maachen, mä d'Nofolgekäschte vun deene Projete wäerten eis schonn an deem nächste Joer um Budget schwéier ze schaffe maachen.

Mir wäerten, wéi och an deene vergaangene Joren, dem Gesetz hei vun der Verdeelung vun de Plusvaluen net zoustëmmen. Mir sinn net an där Situatioun wéi meng zwee Virriedner, de Kolleeg Fayot an den Här Goerens, wou den Här Fayot respektiv d'Sozialisten och erëm an der Oppositioun am Fong géint dat Gesetz gestëmmt hunn. Bon, si sinn elo an der Majoritéit an elo muss se, obschonn de Rapport nach zu Oppositiounszeite gestëmmt ginn ass, dergéint stëmmen. An d'Kolleege vun der DP brauchen och nach eng Period bis se kënnen dergéint stëmmen - oder nach zwou, well och nach de Budget vun de Plusvaluen vun 2003, wann der kommen, muss se och nach eng kéier matstëmmen - an da kréie se dann och eréischt d'kéier fir kënne mat Neen ze stëmmen.

(Interruptions)

Dat ass nun eemol am politesche Spill esou, wann een d'Bänke wieselt. Mir hu se net gewieselt a kënnen duerfir eiser Ligne...

(Interruption)

...an déi Gréng...

(Interruption)

Mir si vun enger Säit op déi aner geréckelt, mä politesch, an der Oppositioun, hu mir se net gewieselt, an duerfir kënne mir och eiser Ligne trei bleiwen a géint dëse Projet stëmmen.

Mme Anne Brasseur (DP).- Et wollt keen lech mat an d'Regierung huelen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ma anscheinend lech och net, Madame Brasseur.

(Hilarité)

Mme Anne Brasseur (DP).- Mä mir waren awer schonn dran, am Contraire zu lech.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Diskussion ass ofgeschloss, mat Ausnahme, dass d'Regierung nach net Stellung geholl huet. Ech géif den Här Budgetminister bidden zu deem heite Projet elo Stellung ze huelen.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären dräi Remarquen

zu dësem Projet maachen, a vläicht domat och dee Projet, deen duerno hei diskutéiert gëtt, op d'mannst wat dat Prozeduraalt ubelaangt, mat traitéieren.

Déi éischt Remarque, dat ass eng fir ze soen, datt wann dee Projet hei anescht ausgeséich, dat heescht wann de Budget, de Kont anescht ausgesinn hätt a mir hätten e groussen Defizit an deem Joer gemaach, dann hätt ech gäre gesinn déi Debatten, déi mir dann am Parlament geféiert hätten, da bräichte mer nämlech iwwerhaupt keng Debat am Parlament iwwert d'Affektatioun vu Plusvaluen ze féieren; an ech soen dat virun allem dem Fraktiounspräsident vun der LSAP, deem ech hei wëll an d'Buch schreiwen, fir ze soen, datt wann e Budget, e Kont en Iwwerschoss huet, dann ass dat schonn d'Resultat vun enger gudder Exekutioun vun engem Budget, well soss schléisst de Budget of mat engem Defizit. An duerfir, déi Sätz, déi den Här Fayot hei gesot huet, déi liesen ech lech déi nächst 5 Joer all Joer vir.

Egal op wat fir enger Bänk ee sëtzt, wann e Budget, an dorobber si mir stolz als Regierung, och wann dat déi viregt Regierung war, dat géllt nämlech fir all Regierung, wann e Budget, e Kont ofschléisst mat engem Iwwerschoss, dann ass dat d'Resultat vun enger gudder Exekutioun vun engem Budget, well soss hätt ee méi Suen ausgi wéi déi, déi rakomm sinn. An dat reflektéiert och politesch Prioritéiten, wa mir hei déi Suen affektéieren, well alles wou een déi Suen hisetzt an déi Fongen ass fir domadder gewësse Projeten ze realiséieren, an duerfir ass dat schonn e Reflet vu politesche Prioritéiten.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen, mir solle frou doriwwer sinn, datt mir de Kont 2002 mat engem Iwwerschoss konnten ofschléissen, an datt mir heimadder kënnen eng Rei Politikberäicher maachen, déi, mengen ech, heibannen iwwert d'Fraktiounsgesetz eraus net zu Contestatiounen féieren.

Dat Zweet ass eng Observatioun iwwert de Kont vum Joer 2003, well och deen huet mat engem Iwwerschoss ofgeschloss, entgéint den Erwaardungen. Fir lech also ze soen, datt all déi Exercice mat engem Iwwerschoss ofgeschloss hunn, trotz enger méi schwieriger ekonomescher Situatioun, op déi hei e puer Riedner agaange sinn. An och dat schéngt mir wichteg an och déi Sue muss mir affektéieren.

Den Iwwerschoss vum Joer 2003 beleeft sech op 79 Milliounen Euro an d'Regierung wäert der Chamber do proposéieren, 40 Milliounen Euro an de Fonds pour l'Emploi ze setzen an 39 Milliounen Euro an de Fonds de la Dette publique, well mir wëssen, datt mir virun allem d'nächst Joer erëm eng kéier mussen e grousst Stéck vun deenen Obligations linéaires, deene berühmten OLUXen, déi viru Joren opgeholl gi sinn, rembourséieren. Duerfir ass et noutwenneg an duerfir wäert d'Regierung, well ee jo net wëllt an engem Budget en ze vill groussen Dépensepunkt hunn, den Excédent vun de Recettë vum Joer 2003 - Gott sei Dank hu mir och do en Excédent -, déi Affektatiounen un de Fonds pour l'Emploi an de Fonds de la Dette maachen.

Déi drëtt a lescht Remarque, déi ech wollt maachen, dat ass eng vun der Prozedur. Ech halen hei nach eng kéier drop ze soen an der Chamber, datt déi Prozedur, déi mir hei ageféiert hunn an der leschter Legislaturperiod, eng ass, déi a mengen Aen, an den Ae vun der Regierung net zefriddestellend ass. Se kënn un engem Moment, dee laang duerno ass vun der Realitéit a se forcéiert d'Regierung, nodeem d'Chamber dat heiten décidéiert huet, dann erëm eng kéier de Kont ze änneren, well et ass esou, wann Dir haut d'Autorisatioun

gitt, fir déi Suen do esou ze affektéieren, da muss mir mar ufänken de Kont vum Joer 2002 ofzeänneren, fir datt deen da kann an d'Chamber kommen an déi Suen do affektéiert sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech menge wierklech, datt mat Ausnahme vun eis heibanne kee Mensch dobausse versteet, wat mir do amgaange sinn ze maachen, well dat einfach ze komplizéiert ass.

Ech wëll och nach eng kéier d'Chamber drop hiweisen, ech hu gären all demokrateschen Débat an all parlamentareschen Débat, am Fong ass dat hei en Dépassement vun engem Kredit. Am Fong ass et ganz eleng an der Kompetenz vum Budgetminister, fir en Dépassement de crédit ze maachen an déi Suen op déi Plazen ze iwwerweisen. Elo sinn ech d'accord, well déi Sommë grouss waren, datt een dofir an d'Chamber kënnt. Ech géing awer gären an der Finanzkommissioun oder am Plenum nach eng kéier driwwer diskutéieren, ob déi Prozedur, déi mir virun 2 bis 3 Joer ageféiert hunn an duerfir e separat Gesetz ze maachen, wierklech eng gutt Prozedur ass. Also et kënn ee sech och virstellen, datt een d'Affektatioun an engem Budgetsgesetz géing virgesinn.

Mir hu viru kuerzem e Budget déposéiert. Ech wollt dat dëst Joer net maachen, well ech gären ënerstallt kritt hätt, datt ech dat géing am Budgetsgesetz mat drënner setzen, datt keen et géing mierken. Ech si frou, wa mir iwwer en Excédent diskutéieren, ech mengen, dat ass d'Resultat vun enger Politik, mä trotzdem ass d'Prozedur iwwerméisseg komplizéiert, et dauert laang an déi, déi eis observéieren, nämlech déi, déi mir vertrieden hei an dësem Parlament, déi kréien net mat wat mir hei maachen, well dat déphaséiert ass. Mir stëmmen haut de Kont vun 2000, mir stëmmen d'Plus-valuë vun 2002, da muss mir nach eng kéier zrëckkomme mam Kont 2002, c'est très compliqué. Duerfir wär ech dankbar, wann d'Chamber, d'Finanzkommissioun en premier lieu, nach eng kéier géing doriwwer mat eis eng Diskussioun féieren, wéi mir dat kënnen an Zukunft besser maachen.

Fir haut sinn ech frou, wann d'Chamber géing dës Affektatiounen esou stëmmen, fir datt mir kënnen déi Suen, déi mir an der Trésorerie hunn, un déi Fongen affektéieren an de Kont 2002 fäerdeg maachen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Chamber huet Äre Message héieren. Ech huelen och un d'Finanzkommissioun, Äre President, deen hei ass. Ech géif proposéieren, datt d'Finanzkommissioun doriwwer délibéréiert an der Regierung da matdeelt, wat hir definitiv Positioun ass.

Voilà, d'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. Mir kommen elo zum Vote iwwert de Projet de loi, deen eis virläit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5236 ass ugeholl mat 45 Jo-, 12 Nee-Stëmmen a kenger Abstention.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Patrick Santer), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel

Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par Mme Lydie Err), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Anne Brasseur), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Projet fir haut de Mëtten, et ass dat d'Diskussioun vum Projet de loi 4938 iwwert d'Kont vum Exercice 2000. Et sinn ageschriwwen: déi Hären Hauptert, Grethen, Fayot, Bausch a Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorable François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

5. 4938 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2000

Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire

M. François Bausch (DÉI GRÉNG), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt dräi gutt Grënn, firwat mir an Zukunft net méi op déi do Aart a Weis d'Kont wäerten diskutéieren, wéi dat haut de Fall ass, et geet hei ëm den Exercice 2000, an déi dräi Grënn si folgend:

Dat Éischt ass, et ass dee leschte Budget, deen an ale Lëtzebuerger Frang libelléiert war.

Dat Zweet ass, et ass och déi leschte kéier wou e Budget exekutéiert ginn ass laut de Regele vum ale Kontabilitéitsgesetz. Dir wësst, am Artikel 99 vum neie Kontabilitéitsgesetz ass et eng Iwwergangsbestimmung ginn, déi gesot huet, datt bis den 1. Januar 2001 nach alles soll funktionéieren no den ale Regeln, bis dat déi nei Institutionen, virun allem natierlech de Contrôle financier, en place wäeren. An et ass och esou gewiescht, datt jo eng Reform gemaach ginn ass vun der Chambre des Comptes, déi ëmgewandelt ginn ass an eng Cour des Comptes, an och déi huet eng Ëmstellungsphas gebraucht an huet duerfir fir den Exercice 2000 nach eigentlech de Rôle ageholl, wat d'Exekutioun oder de Contrôle vun der Exekutioun vum Budget ubelaangt vun där aler Chambre des Comptes. Dat heescht, si huet haaptsächlech d'Visae vun den Ordonnances de paiement kontrolléiert.

Deen drëtte Grond, Här President, ass schonn de Mëtteg hei ugesprach ginn, dat ass, datt mir d'Joer 2000 ofgeschloss hu mat engem enormen Excédent budgétaire op der Recettësäit. Ech wëll mech och entschëllegen, Här Hauptert, mir haten eis e bësse falsch verstane virdrun, ech hunn den Excédent vun de Recettë verstan an Dir hutt d'Plusvaluen, insgesamt

d'Nettoresultat gemengt. Dir hutt natierlech Recht, mä ech hunn och Recht, well ech mech verstanen hunn.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Also et ass wéi gesot déi leschte kéier, op alle Fall bis op weideres, wou mer warscheinlech e Budgetsjoer konnten ofschléisse mat esou engem wahnsinneg héijen Excédent bei de Recetten. Ech wëll elo net am Detail op all déi Zuelen agoen, déi fannt Der jo am Rapport. Ech wëll och duerfir nëmmen déi eraushuelen, déi wichteg sinn, an dat ass nun eemol op der Recettësäit, well do d'Zuelen, d'Gesamtzuele staark variéieren par rapport zu deem wat am Budget definitiv festgeschriwwen war.

Mir hu bei de Recettes ordinaires een Excédent gehat vun 18,8% oder ëmgeréicht 35.085.238.000 al Lëtzebuerger Frang, an am Budget extraordinaire en Excédent och vun 18,40%, wat 27.611.863 al Lëtzebuerger Frang ausgemaach huet. De Gros also kënn bei deene Recettes extraordinaires oder supplémentaires. Déi si méi héich ausgefall natierlech duerch d'Recettes ordinaires an natierlech haaptsächlech um Niveau vun den direkten an den indirekte Steieren.

Bei den direkte Steieren hu mir iwwer 9 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang méi Recettë gehat a bei den indirekte Steiere bal 18 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Bei de Recettes extraordinaires resultéiert dee Supplément eigentlech op engem Produit de vente vu verschide Gebaier, wou mer méi erakritt hu wéi dat geschätzt gi war an am Budget agedroe gi war.

Um Niveau vun der Dépensesäit - ech mengen op d'Recettësäit an déi héich Plusvaluen, déi mer gemaach hunn, kommen ech zum Schluss nach eng kéier zrëck bei eng vun de Kritiken, déi d'Kommissioun och festgehalen huet am Rapport. Déi baséiert och op enger Kritik, déi de Conseil d'État schonn 1996 gemaach huet, duerfir kommen ech dorobber zum Schluss nach eng kéier ze schwätzen. Ech wëll fir d'éischt iwwert d'Dépense schwätzen a virun allem natierlech déi Saachen eraussträichen, déi och e gréissere Stellwäert hunn.

Dir wësst et, de Contrôle financier interne huet nach net funktionéiert an, wéi gesot, d'Cour des Comptes huet d'Ordonnance des paiements, de Visa gemaach, dat heescht déi Liquidatiounen kontrolléiert. Dat waren der 194.911 am Cours vum Exercice 2000. Bei 3.898 Stéck sinn Observatiounen gemaach gi vun der Cour. Et ass awer esou, datt et sech bei deenen Haaptdéfaillancen, déi do festgestallt gi sinn, bei der absoluter, gréisster Unzuel vun deenen Observatiounen éischer ëm Erreurs matériels gehandelt huet, déi duerno redresséiert gi sinn, dat heescht, déi eigentlech och net Ulass ginn zu gréissere politesche Kommentaren.

Et ass och esou, datt eng ganz Rei Ordonnance-de-paiementen eréischt no der Clôture vum Exercice, dat heescht nom 15. Mee 2001 virgeholl gi sinn, wat och ze kritiséieren ass. Dat waren der 2.410 un der Zuel, respektiv 165 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Virun allem ass och feststellen, datt par rapport zu deenen Exercice virdrun do d'Unzuel vun deene Clôturen, vun deenen Ordonnances de paiement staark zougeholl huet, dat heescht datt déi 49,56% an der Zuel zougeholl huet a virun allem och wat de Chiffer vun den Dépenses liquidées ubelaangt ëm 74,79% gestigen ass.

Speziell Bemierkunge muss ee maachen zu enger ganzer Rei Punkten. Deen éischen ass e leidegen, dee kenne mer, fir déi, déi scho méi laang an dëser Chamber sinn, zënter datt se an där Chamber hei sinn. Dat betrëfft d'Marchés-publics-Gesetz, dat op verschidden Niveauen net agehale